Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 351 Wäimount / Allerhellegemount 2014

octobre / novembre




Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000

Chefredakteren: Patrick JÉNIN a Marc JENTGES
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
http://www.lionsbleus.lu

Lies d'Wandrous da bass De ëmmer up to date!!!



# Les amis des Lions Bleus
Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

Léif Lions Bleus

di grouss Vakanz ass eriwer a fir vill vun eis ass d'Schoul erëm amgaang an dat heescht anengems, datt een neit Scoutsjoer ugefaang huet. Vill vun eis, sief et Beaver, Wëllef, Guiden a Scouten, Explorer a Rover hun dëse Summer um „togehter 2014" deel geholl a super Erfahrunge konnte maachen. Mir kënnen houfreg sin, datt esou vill Lions Bleus um Camp dobäi waren a responsabel Chargen iwerholl hun. Anengems hu mir Lions Bleus och eis 100 Joer gefeiert an eise Programm, deen de Comité 100 op d Bee gestallt hat, huet sech méi wi weise gelooss. Elo viru kuerzem hun D'Lions Bleus nach d'Assemblée Générale vun der FNEL an d'Réunion des chefs organiséiert a mir si vun alle Säite geluewt gin fir eis gutt Organisatioun! Merci un all déi, déi do matgehollef hun! Denkt och drun, datt am November nach den Ofschloss ass vun eisen honnert Joer.

Ech wënschen eise Cheffen a Comitésmemberen vill Energi fir dat neit Scoutsjoer. Si maachen ee super Job an dat Woch fir Woch. Merci fir äre bénévolen Asaatz.

Mëttwochs owes ass Rendez-vous am Home fir ze schaffen, fir virzebereeden, fir Aktivitéiten ze koordinéieren déi dann de Weekend duerchgefouert gin. Wa mer di Stonne rechnen, déi an engem Joer ufalen, dann ass dat enorm a wee vun iech weess, wat di Aarbecht wäert ass, deen huet regelméisseg och ee klenge „merci" fir eis Cheffen iwreg ☺.

Mir hu gutt forméiert Cheffen an och dëst Joer si rëm vill Lions Bleus an de verschiddene Formatiounen ugemellt. Dës Formatiounen daueren 2 Joer a gin och vum Staat unerkannt. Um Enn hu si de brevet animateur.

Léif Elteren, dir gesitt, datt der är Kanner also voll Vertraue kënnt an eis Hänn gin an och iech sief merci gesot, sief et fir är Hëllef an och, datt der d'Kanner unhalt, regelméisseg an d'Versammlungen ze kommen. Ech wënschen iech, datt der gesitt, datt et äre Kanner gutt bei eis geet an datt si eng Schoul fir d'Liewe genéissen. Aus Respekt virun de Cheffe bieden ech iech, datt der d'Kanner mat Zäiten umellt fir d'Aktivitéiten resp ofmellt. Dat erliichtert de Cheffen hir tâche. Merci

Léif Kanner a Jugendlech. Dir sidd déi, ëm déi et geet, well firwat soss géifen all di Cheffen a Comitésmemberen an all déi, déi soss nach am Asaatz sin, dëst Engagement iwerhaapt weisen. Si gin hirt Bescht an zielen op iech, well ouni iech géif dat guer kee Sënn maachen. Ech wënschen iech vill Freed, gutt Frëndschaften a vill nei Erfahrungen!

Ech wënschen eise e super Scoutsjoer an datt mer vill Freed hu beim „learning by doing"!

Racoon indécis

# Gruppen - Inventaire

## VIRWAAT dës zwou Säiten:

Heimat wëllen mir eiser jonker & motivéierter Cheffenekipp d'Liewen erliichteren & sie an hierem Benevolat ënnerstëtzen. Fir kënnen d'Scoutsjoër besser ze organiséieren, bieden mir Ierch also lo folgend Zeilen ganz gudd duerchzeliesen, ze ënnerschreiwen an duerch eng Ënnerschrëft ze respektéiren.

## ALLGEMENGES zur Organisation Scoutsjoër 2014-2015

Versammlungen: 14-16 Auer & oofmellen falls du nët kënns, dem Wieder ugepassten Kleeder evtl.eppes ze drènken (gezeechent Schlappen fir am Home)

Sortie/Aktivitéit: dem Wieder ugepassten Kleeder, Biergschong, Kaap/Sonnencrême, eppes ze drènken, K-Way an all aanert Equipement waat op der Invitation steet.

Bezuelen/Souchen: D'Lëschten vun den Paiementer/Unmeldungssouchen ginn virun der Aktivitéit nogekuckt, an falls dës nët erfollegt sinn, muss du leider doheem bleiwen.

Medikamenter: Dës w.g.l. um RV beim responsablen Chef oofginn, fir dat op den jeweilegen Aktivitéiten d'Einnahm vun dësen garantèiert kann ginn.

Behuelen: Wann eis sollt een Kand négativ opfaalen, wèi z.B. dem Chef op der Nues danzen, Onrou stëften...huelen mir eis d'Recht eraus ärch unzeruffen fir ärt d'Kand sichen ze kommen --> egal wou d'Aktivitèit grad stattfënnt.

Uniform: Den Foulard ass ëmmer Pflicht & op den Aktivitéiten hues du selbstverständlech däin Uniformshiem un, fir den Scoutsprinzipien trei ze bleiwen. Falls eppes aaneres erwënscht ass, schreiwen mir dëst ëmmer an d'Invitation.

## SPILLREGELEN fir aktiv Memberen vun den Lions Bleus

✐Mir bieden ärch dës Inventairesfiche wgl korrekt & komplett auszefëllen an eis dës per Pabeier / Mail zoukommen ze loossen bis den **11.10.2013!**
(**POST**: B.P.1026 L-1010 Luxembourg - **MAIL**: cg@lionsbleus.lu)

✐ Idem mat der Fiche médicale. Dës ass och all Joërs nei auszefëllen an eranzeginn.

✐Sämtlech Dokumenter kënn der vun eiser aktueller Homepage : www.lionsbleus.lu ënnert der Rubrik "Publications" eroofzéien an ausfëllen.

**Hun mir dës Fichen nët virum Stëchdatum eran kritt**,
kann ärt d'Kand leider nët mèi participèieren.

**Frëndlech Scoutsgréiss :)**

Ech ____________________ Mamm / Papp vum ____________________ hun folgend Spillregelen geliess an wëll dës gären respektèiren fir eis an den Cheffen d'Liewen mèi liicht ze maachen.

Ënnerschrëft vun den Responsablen: ..............................................................

# Inventaire vum Group (2013-2014)

| Beaver | Wëllefchen | Scouts / Guides | Explorer |
|---|---|---|---|

Numm & Virnumm:
Adresse:
Uertschaft:
Tel:
GSM:
E-Mail:
Gebuertsuertschaft & Datum:
Nationalitéit:
Matricule:
bei d'LBB komm:

## Elteren / Responsablen vum Kand

| | |
|---|---|
| Numm: | Numm: |
| Virnumm: | Virnumm: |
| Adresse: | Adresse: |
| Uertschaft: | Uertschaft: |
| Tel.doheem: | Tel.doheem: |
| GSM: | GSM: |
| E-Mail: | E-Mail: |
| Tel.Arbëscht: | Tel.Arbëscht: |

## Branchenspeziefësch Donnéen

(w.gl.ausfëllen oder gegebenenfalls ëmkreesen)

**BEAVER**

Badger? W.g.l. opzielen:

**WËLLEFCHER**

Badger? W.g.l. opzielen:

Feiler? **Bronze?** JO NEE **Sëlwer?** JO NEE **Gold?** JO NEE

Aaner Oofzeechen? (Leaping Wolf...)

**SCOUTS/GUIDES**

Tenderfoot? JO NEE

Klassen? **2.Klass** JO NEE **1.Klass** JO NEE

Badger? W.g.l. opzielen:

Aaner Oofzeechen? (Panda...)

**EXPLORER**

Unitée pilote? JO NEE


Aaner Oofzeechen?

# Tip-Top Uniform Tip-Top Uniform

Op deenen meeschten Aktivitéiten ewéi Pow-Wow, Sorties, Camps oder Weekend'er, doen mir eis **Uniform** un. Vir dass du wees, ewéi eng **TIP-TOP UNIFORM** ausgesait, hu mir elo hei eng kleng Erklärung gin. Esou ass e Beispill vun der **Uniform**, déisdu an Zukunft solls op Aktivitéiten undoen, wann se gefuerdert ass.
Hues du nach **Froen**? Dann kanns du gären **dain Chef** froen, dass hien dir alles erklär waats du nach wëssen wëlls.

Dain éischte **Foulard** kriss du vun dengem Chef iwwereecht. Dozou gehéiert de richtegen **Knuet aus brongem Lieder**. Dëse muss du **emmer** an de Scouten **unhun**. Soss muss du déi Kéier drop e **Kuch matbrengen**.









Am **LBB-Shop** an **eisem Home** kriss du och **déi richteg Wanteruniform (Pulover & T-Shirt.**
Hei kriss du alles waat mat den **Lions Bleus** ze din huet, awer och Kniet vir an de Foulard an Scoutsbichelechen ewéi och de Vademecum.

Vir dain **Uniformshiem** ze kaafen, muss du an **d'FNEL op den Cents** fueren. Do kriss du och dain richtegen **Rimm** an all d'**Badger** déi sollen op denger **Uniform** sin.

Dës Saachen déi hei opgelëscht sin an der Zeechnung sin **Pflischt** bei der **Uniform** an gehéieren zum **Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover** wéi de Kapp um Hals, vum Foulard bis bei de Rimm.

# Souche Montée

fir BV,LX,SG,EX



En neit Scoutsjoër fänkt un.
Ët gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi deen nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maachen. Sou gët aus engem groussen Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen en klengen Scout an aus engem groussen Scout en klengen Explorer.

Mell dech also sèier un, dat's du och dobai bass, fir e flotten Weekend mat kënnen ze erliewen.



**Weini:** 4.-5. Oktober 2014 (EX-Montée ass schon Freidesowes den 3.10.14 :) )
**Wou:** beim Home Lions Bleus
**Rendez-Vous:** 3. Oktober 2014 um 21h00 beim Home (EX & gr.Scouten dèi d'Montée maan)
fir de Rescht: 4. Oktober 2014 um 14h00 beim Home

**Retour:** fir Beaver: 4. Oktober 2014 um 18h00 beim Home
fir de Rescht: 5. Oktober 2014 um 15h00 beim Home


**Präiss:** 20,00 €, bis den 27.September 2014 op den Compte:
**Les Lions Bleus asbl-Rover** --> CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000
ze iwwerweisen mat der Mention: Montee & Numm vum participant.
Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dèi Beaver dèi d'Montée maachen, mussen 20,00 € bezuelen.**

**Souche:** Ass ebenfalls bis den 27.September 2014 bei dengem Chef oofzeginn.

**Waat brauchs du alles:** Uniform, Schloofsaack + Carrymatt, Täschenluucht +Täschenmesser, Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong, Jumbo fir d 'Scouten

d'Cheffenéquipe


Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ................................................ erlaaben
mèngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/(Explorer)

..........................................


un der Montée 2014 vum (3.)4.-5.Oktober 2014
zu Bouneweg deelzehuelen.



..........................................
Ënnerschrëft vun den Elteren

# Schwammsortie fir LX

**Deng Uniforme as nach e bëssen plakeg? Dir fehlen nach e puer Badger wéi z.B. den Schwëmmer oder du wëlls einfach zësummen mat eis Spaass an der Pisicine hunn?**
**Dann komm mat eis op Niederanven schwammen. Mir freen eis op DECH!**



Weini? Den 18. Oktober 2014 um 14:00

Wou? An der Syrdall-Schwëmm zu Nidderaanven (bäi den Arcaden eran)

Schluss? um 17:00 bäi der Schwämm

Gebraucht? Schwammbox,, Schwammkaap, Dush, Seef

Präis? 3,50 € (w.e.g. matbrengen)

Souche? As esou séeier wéi meigleg bäi dengem Chef oofzegin.



Deng Cheffen: Breeze, Catherine, Adrien, Pitt, Fennec

Heimadder mellen ech ______________________________

Mamm / Papp / Responsabel vum

______________________________________________



mäin Wëllefchen fir d 'Schwammsortie den 18.10.14 un.



# Viizweekend
fir SG, Ex, Ro





## Viz-WE

### 18 an 19 Oktober 2014 am Home LBB

**Léif Scouten, Guiden, Explorer a Rover,**

An der Hoffnung, dass mer dëst Joër méi Appel hun, machen mir erëm en Fiz-WE. Samsdes fueren mer duerch onst Ländchen vir Appel zesummen ze dreiwen,ze raafen an ze plëcken. Sonndes gin se raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gesteriliséiert an de **Jus** gedronk.





**RENDEZ-VOUS:** Den 18. Oktober 2014 um 8:30 Auer beim Home.

**RETOUR:** Den 19. Oktober 2014 beim Home. Ab 15.00 Auer sin d'Elteren op en Patt frëschgepressten Viz an e StëckAppelkuch agelueden.

**PRAIS**: 15 Euro sin bis den 4. Oktober 2014 op den Compte Les Lions Bleus-Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) ze iwwerweisen an d'Souche ass vir den selwechten Dag ofzegin.

**MATERIAL**: dem Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Isoléiermatt, Schlofsack, Schlappen, fest Schong, Wäschsaachen, e Kuch ass och wëllkomm.



Ech

........................................................................................................

gin gäeren mat op den Viz-Weekend den 18-19 Oktober 2014.

Ech hun d'Geld bis den 9.10.2014 iwwerwisen an d'Souche ofgin.



.....................................................

(Ennerschréft vun den Elteren)





# Mir invitéieren op eis Äppelstuff!! Beaver, Wellef, Rover Elteren, Frënn & Famill si wellkomm

Aus den Äppel gëtt net nemmen frëschen Viiz gemaach, deen dobai och nach super lecker ass, mee och séiss Taarten, Äppeltäschen, Kompott an anch villes méi.

Wann dir also är Kanner sichen kommt oder är Kanner bei eis an de Beaver oder an de Wëllef sin oder dir eemol wëllt Moien soen kommen, lueden mir ierch an, op eis Äppelstuff. Famill an Frënn si Wellkomm an vir e klengen Obulus (1 Euro op alles) gëtt et och nach eppes ze knabberen an ze baissen.

Eis waarem an gemittlech **Äppelstuff** bei eis **am Home** ass op, den **19. Oktober 2014** vun **15.00-17.00** Auer. Kommt also bei eis an kuckt ierch hei enner aanerem un, wéi Viiz gemaach gëtt (ouni Maschinen). Dir kënnt ierch mat folgender **Souche bis den 11. Oktober** bei ären Cheffen **umellen** :-)



Ech ........................................

wëll mech umellen vir d'Kaffistuff,

den 19. Oktober 2014 am Home LBB

an ech kommen mat ............... Leit.

Ennerschreft:

...................................



# Explorersortie

Hues du Loscht die **NEI** an die **AAL** Explorer besser kennenzeleieren?
Dann komm matt eis Lasergame spillen.



Wini: Den 08. November 2014
R.V: Em 16 Auer beim Home Lbb
Fin: Em 21 Auer beim Home Lbb
Prais: 35€ pro Pers.

Du bass nemmen dabei wans d`Souche an d`Iwerweisung bis den 18ten Oktober oofginn/gemach hues.

## 35€ sinn **op den Compte**
## **CCPL LU49 1111 2324 7361 0000**
## **„Les Lions Bleus a.s.b.l.-Explorer**
## mat der Mention: Laser an dem Numm vum Explorer ze iwwerwéisen

---

**Heimatt mellen ech ____________________________ folgenden Explorer**




**__________________________________ un fir**
**Lasergamesortie den 8ten November 2014**

**Ennerschreft:____________________________**



---

# Schlittschongssortie


Wanns du Loscht hues deng Schlittschong Kënscht ze verbesseren oder iwwerhapt ze léiren Schlittschong ze fueren, dann ass des Sortie wéi fier dech gemaach !

**Weini:** Den 22.November um 10.30 bei der Entree vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier
42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg

**Retour:** Den 22 November um 15:00 op der selwechter Plaatz

**Präiss**: 2€ op den Rendez-vous matzebrengen + 2,5 fier Locatioun fun Schlittschong

**Wat brauch een**: Hännschen, PIC-NIC! , passend Kleeder undoen



BEAVERKLACK
Nora, Lena, Maiti, Drago an Mika

Heimat erlaaben ech .................................. mengem Beaver


............................ den 22 November un der Schlittschong-Sortie deel ze

Huelen

..........................................................................
Ënnerschrëft

# RITTER ON ICE

Wolls du schon emmer mol mat der Rüstung iwwer d'Äis schleideren? Dann looss der net zevill zait, soss ass et geschmollt an du fäls duerch.



Wéini: den 22. November 2014

Rdv: 09:30h op der Gare de Luxembourg
Retour: 18:00h op der selweschter Platz



Präis: 14 Euros

Wat brauchs du?
deng Ritterrüstung (Uniform+dem Wieder ungepassten Kleeder), dain Schutzschëld (Hännchen + Mutz), dain Ross (Schlittschon, wanns de der hues), deng Molzecht (Pic-Nc), deng Maut (Jumbo/en Daaresticket) an natierlech solls du dain Kampfgeescht net vergiessen ;)

## Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche

Heimat mellen ech main klengen Ritter den/d'..............................fir d'Sortie op daat rutschegt Ritterturneier den 22. November 2014 un.
Eltren: ......................................

Lenks patt
Atra & Tamia & Soa & Neckel & Sam & Ciaran

# Souche Kleeschen fir de ganze Grupp

HO - HO - HO (an esou wéider)
Si schon ganz ongedëlleg vir op Bouneweg an den Dall bei meng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen méin Féierdag ze feieren. Dëst Joër feieren mir alleguerten den **5.Dezember 2014** am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer brèngen ech Iech dann gliddegen Schocki an rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.



Also ech sin dann Freidesowes, den **5.Dezember Punkt 18:00 Auer** am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch chekken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joër OK waren, da kann den aalen Granz-saack doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joër 1 Dag mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Arbecht um Bockel. Dofir bieden ech Dëch dass du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **29.September** an mèng **Bréifkëcht** (nët an d'Wandrouskëcht, mee direkt doniewt) well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm wann së bis den leschten Moment nët wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen apaaken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

______________________________

(also mèng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg
deng Liddercher geübt, an mèngen Elteren gesoot
dat et wichteg wier den **5.Dezember 2014 an tip-topper Wanteruniforme**, um Punkt **18:00** Auer am Home
ze sinn wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.
Si kommen mëch esou géint
21:00 Auer beim Home ofhuelen.



______________________________

Ënnerschrëft vun den Elteren / Housécker

# Souche Rover-WE Souche Rover-WE

## JA BIST DU DABEI? DAS WÄR PRIIIIMA!

# VIVA KOLOOOONIA!




Hues du mol erem Loscht mat op en Roverweekend ze goen? Wars du schon laang net méi fort vun doheem an dir fällt de Plafong op de Kapp? Dann huet lo d'Reesagence **SCHMITT COLOGNE** genau daat Richtegt vir gene DECH! An zwar hu si elo hiren neie Katalog presentéiert den dëst Joër de Schwéierpunkt op d'Städtereesen mëscht! Hues du Loscht hei matzegoen? Dann mell dech sou séier wéi méiglech un, op e **Roverweekend**, wéi et en nach virdrun gin ass!!

## E Puer Detailer:

- **Datum:** 6.-7. Dezember 2014
- Mir schloofen an engem **Hostel** am Zentrum vu Köln (*A&O Hostel* um Neumarkt)
- **Umellen** kanns de dech per **atra@lionsbleus.lu** mat folgendem Inhalt bis den **1 November 2014**:

    Transport vir dohin?

        Zuch -> +/- 30 Euro p.P.
        Auto -> Kënne fahrgemeinschaften gemaach gin

    Zemmer andeemsde wëlls schloofen?

        1-Bett Zemmer -> 85,80 Euro p.P.
        2-Bett Zemmer -> 48,60 Euro p.P.
        4-Bett Zemmer -> 38,70 Euro p.P.

- **Auerzaiten** kriss du matgedeelt soubaals du dech ugemellt hues!
- Wéi een **dohinner an erem** kënnt, ass Jidderengem selwer iwwerloos, mir proposéieren allerdengs mam **Zuch** ze fueren.
- Um **Programm** steet Sightseeing, Rallye, Shopping & natirlech gut iessen goen

# Souche Techuana 2015 Techuana'15

## „Der Berg ruft"

**Jo ët ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**
Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbréngen, dech verwinnen ze loossen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder en Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat héi genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2014 --> 14 Joer kruut huet !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **13.Februar 2015** um **18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerèck:** Sonndesmoies, den **22.Februar 2015** um **11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Mir maachen daat erëm wéi déi letzt Joër'en, mir splécken den Präiss op!
Daat heescht 350 Euros fir Transport, Iessen, Sauna an Schwammen...
Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen an fir déijeeneg déi nach Material mussen lounen, mussen nach 125 Euros dropleen.

**Am Kloertext elo:**
Basic-Pack (Programm, Transport, Iessen, Schwammen) --> bezuelen **350** Euros.
Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **525** Euros.
Basic-Pack, Skipass & Location Skimaterial --> bezuelen **650 Euros**

bis spéidstens den 31.01.2015 mat der Mention "Techuana 2014".
D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer"

**Täschegeld:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännschen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Täschenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

**Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**
Dës ass Mëttwochs den 10.Dezember 2014 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wéi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaackléscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech ........................................ erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

........................................................

mat um TECHUANA-Wantercamp 2015 deelzehuelen.
D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**




Ënnerschrëft ..........................

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

# Groussen Summercamp: fir SG/EX/RO/AM

# ENTSCHEEDUNG ass gefall....



## SummerCamp 2015



### 31.07.2015 - 23.08.2015

5 Joër sinn ët schon nees hier, säitdeems mir an der Corse woren.

Vue-que dat mir schon an der Corse 2*/Portugal/Griechenland um Gruppencamp woren, hun mer eis am Staff geduecht dat dèi blo Lèiwen eng ganz nei Destination brauchen, wou na keen vun de lëtzebuerger Scouten bislang wor.

Sou sooten mir eis, dat mer d'Corse dann 2020 kèinten maan(wèi uursprünglech geplangt) & soumat ass eise choix fir eisen 3WochenCamp no laangem HIN & HIER op d'PIRI-NEEN gefall :):):)






jo dir hudd richteg geliess : **PYRENÄEN**

iwwerlee nët ze laang an mell dëch ganz schnell un, well

**!!!!! PLAAZEN sinn LIMITÈIERT !!!!!**

### Evtl.Route?

PYRENÄEN -> LUX -> Aquitaine -> Pyrenäen -> Mëttelmier -> LUX

### Wien duerf mat?

Jiddereen ka mat, deen aktiv ass & sëch fit genuch fillt dës Rees op sëch ze huelen. Scouten ab engem Alter vun 14 Joër,
bei Ausnahmen entscheed natiirlech de Staff.

### Präiss?

ALL-INCLUSIVE --> 950 Euro
1.AC=150 Euro, non-remboursable op Les Lions Bleus Asbl - Rover
(CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 000)

Ugemellt bass de rèischt wann dèng Souche & Paiement vum Acompte 1 bis den 1.Dezember 2014 ukomm sinn! -> Souche ass oofzeginn beim Tamia/Atra!

### Weider Informatiounen an Froën?

->Elterenversammlung -> **Samstes** den **8/11/2014** um **16:15Auer** am Home
oder an der nächster Wandrous ...


--- 2015 2015 2015 ----- GROUSSE Lions Bleus Summercamp ----- 2015 2015

Heimat mellen ech gär ................................................................ mäin Scout/Explorer/Rover

(fir den **31.07.2015 - 23.08-2015**) ................................................................ op den Summercamp

an den Pyrenäen un, deen vun den Lions Bleus organiséiert gët.

Datum &
Ënnerschrëft vum Responsablen: ................................................................




## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Montée | 14:00-17:00 |
| 11. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | Keng Beaverversammlung | |
| 19. | Kaffisstuff (Viizweekend) | 15:00-17:00 |
| 25. | Vakanz | |

## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Vakanz | |
| 8. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Schlittschongsortie | 10:30-15:00 |
| 29. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

## Dezember

| | | |
|---|---|---|
| 5. | Kleeschen | |
| 13. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 20.-21. | Chreschtweekend | |
| 27. | Vakanz | |

# Schéin Vakanz!



Beaverklack

Lena & Nora& Alizée & Maiti

# Programm Wellef

LX - Programm

## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 4. + 5. | Montée | |
| 11. | Wellefchersversammlung | |
| 18. | Schwammsortie | |
| 19. | Kaffisstuff (Viizweekend) | |
| 25. | Vakanz | |



## NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Vakanz | |
| 8. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |

## DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 5. | Kleeschen am Home | 18:00-21:00 |
| 6. | keng Versammlung | |
| 13. | Wellefchersversammlung | 14:00-16:00 |
| 20.-23. | Kreschtcamp | |
| 27. | Vakanz | |



Deng Cheffen

Adrien, Breeze, Catherine, Pitt, Fennec

# Programm Scouten

## SG - Programm

OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 4.-5. | Montée | |
| 11. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 18.-19. | Viizweekend | 08:00-17:00 |
| 25. | Vakanz | |



NOVEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Vakanz | |
| 8. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Sortie | 09:30-18:00 |
| 29. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

DEZEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 5. | Kleeschen | 18:00-21:00 |
| 6. | Keng Versammlung | |
| 13. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 20.-22. | Truppencamp | |

JANUAR

| | | |
|---|---|---|
| 10. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17.-18. | Scoutshike | |
| 24. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 31. | Keng Versammlung | |



Lenks patt

Atra & Tamia & Soa & Neckel & Sam & Ciaran

# Programm Explorer

Programm EX




**Oktober**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 04-05.10 | Montee | | |
| 11.10 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 18-19.10 | Vizweekend | | |
| 25.10 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**November**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 08.11 | Explorersortie | 16-21 Auer | am Home |
| 15.11 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 22.11 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 29.11 | Ofschlussparty 100 Joër Lbb | | Carre Rotandes |

**Dezember**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 05.12 | Kleeschen | 18-21 Auer | am Home |
| 13.12 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 20-22.12 | Explorercamp | | |

**Januar**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 11.01 | Explorersportsdach | | |
| 17.01 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 24.01 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 31.01 | keng Versammlung | | |

I ⚜ EXPLORER

Fir d'Unitéit : Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# Glèckshonnerten aus dem Ausland: LBB100




Vir zesummen mat eis ze feieren, obwuel sie leier net am Land sin mee deelweis zimlech wait fort, hun eis Unisleit e puer Fotoen mat enger 100 gemaach vir eis aus hirer Staat ze wenschen.





LIONS BLEUS BONNEVOIE
100
HONNERT JOER / 2014
SCOUTS ET GUIDES











# Photocollage ButtonsDay:

LBB100



# Leiwenfest

5.Juli 2014

Moies hun mir eis um 8:30 mat Kaffi an um 9:00 ouni Kaffi getraff fir zesummen opzeriechten. Obwuel et mat Emeren geschott huet, kruten mir alles gudd an relativ schnell opgeriecht. Mir hun Kichen an Zelter opgeriecht, Bänken an Descher an och Buvette. Mëttes hun mir dann zesummen Pizza gies. Um 4 sin dann och Scouten an Wëllef komm, dei och alleguer eng Hand mat ungepack hun. Speider geint halver 7 sin dann och Frënn an d Famill komm. Opwuel et bal den ganzen Ovend gerent huet krut aver all Mensch sein typecht Bayerecht lessen, beglet mat gudder Enerhalung. Explorer hun bei der Buvette geholeff, während Scouten serveiert hun. Virun der Entrée hun Biever hieren Danz virgefouert an duerno hun ma all eng gudd Bretzel mat Weisswurst giess. No der Entrée hun d Wëllef hiert Lied gesongen an d Scouten hieren Sketch fiergefouert. Duerno gouf et dann eng gudd Kotlett oder Schwängshax mat genial gebotschten Gromperen an mat Zalloten. Duerno hun Explorer hiet genial vierbered Lied gesongen dat groussen Succès hat. Duerno gouf et dann als Dessert Apfelstrudel mat Vanillsauce. Dann hun Cheffen hieren traditionellen Cheffendanz viergefouert. Als lescht goufen Cheffen fir next Joer virgestallt an mir hun alleguer den Ovend zesummen ausklengen gelos.

Adrien flammang











# together 2014

## Live it, Love it, Scout it

Vum 17. - 26. Juli 2014 huet d'FNEL, wéi bekanntlech, en Centenaires-Camp um Kierchbierg ofgehalen, mam But eis honnert Joer als Federatioun ze feieren, an natiirlech fir ze weisen dat mir een Camp organiséiere kënnen deen dësem Titel gerecht gëtt, an deen all déi aner Campen langweileg ausgesi léisst. Lo schreiwen ech hei ebëssen, wei dat ofgelaf ass mat iwwert dausend Scouten am Alter tëscht 8 an 26 Joer, all zesummen op enger Wiss.

Scho laang virum Camp gouf vill geschwat, gestridden, a Rumeuren verbreet, iwwert dat, dat eis do sollt erwaarden. Ufanks vum Joer 2014 huet eis léift Djuna dann en Trailer publizéiert, vir eis en klengen Abléck ze erméiglechen, an auslännesch Scouten unzelackelen. Wann ee bedenkt, dat doropshin Scouten aus Frankräich, Belge, Éisterräich, Schottland an souguer Israel ugereest sinn, kënne mir jo soen dat et seng Charge erfëllt huet.

Weiochemmer, um 17. Juli an aller fréi hu sech dann d'lëtzebuergesch Scoutsgruppen virun der Expo um Kierchbierg getraff, fir dann all zesummen op d'Campplaz ze goen. Do, no engem klengen Briefing vum Souscamp-Chef, hu mir direkt ugerappt an Konstruktiounen gebaut, wëll um Owend sollt dorobber gekacht ginn. Mir hunn Holz geschleeft, Trépieden opgeriicht an no epuer Stonnen schweessdreiwender Aarbecht an der Hëtzt hat dann all Grupp seng Kiche stoen, an de Gas ugeschloss. Dëst war dann och den éischten Kontakt mat den auslänneschen Scouten, d'huet een sech iwwert dem Schaffen kennegeléiert an dono war een zesumme Stolz op seng Aarbecht; wat aus Friemen, Frënn gema huet.

Nodeems d'Zelter stoungen konnt dann d'Kichen ageweit ginn, an och am generellen war d'zesummen Kachen an den Entretien vun der Konstruktioun een vun den Haaptbestanddeeler vum Camp. No der Ouverture vum Pow-Wow am groussen Zirkuszelt war de Camp dann och offiziell lancéiert.

Leider konnten d'Explorer am Ufank vum Camp net vill vun der Ambiance, an der neier Konstruktioun profitéieren, wëll et déi eicht zwee Deeg schonn op en Hike gaangen ass. Dëst huet et eis erméiglecht den auslännesche Scoutsgruppen den Norden vum Grand-Duché ze weisen an sech ënnert Explorer besser kennenzeléiren. Well eisen wonnerbaren RUE eis Badge versappt hat, hu sech seng Explorer missen ënnert d'Vollek mëschen, an den Mika an ech hu sech einfach bäi d'Israelien geklaakt. Dat nënn ech dann “Sozialen Dialog an Europa, powered by Eric Holzem”.

Wéi mir vum Hike zeréck komm sinn hu mir d'Theaterstéck: *Op der Sich nom Superscout* presentéiert krut, an sinn zäiteg an d'Bett gaangen, well eis den nächsten Moien schonn den Pow-Wow am Zirkuszelt erwaard huet. D'FNEL huet sech nees selwer iwwertraff. D'Animatiounsequipe huet eis tëscht den Zeremonien duerch d'Geschicht vun der FNEL gefouert, dat virum Här Premier, der Buergermeeschtesch, an ween sos nach invitéiert war.

Am Laf vun der Woch hunn ech vir main Deel mat menger Unitéit an anere Scouten nach en Velostour an eng Visit vum Recyclings-Center gema. Dës Aktiviteiten woren awer variabel. Een vun den flottsten Evenementer war den Ateliersdag, wou all d'Participanten fräi konnten op der Campplaz ronderëm goen, a gewëssen Aktiounen matmaachen, wéi den Strong-Scout,

Kloterwand,... an sech an en Ballon quetschen fir domadder ronderëm ze lafen.

Mais während dësen zwou Wochen um Camp gouf et fir mech nie een Moment deen richteg dominéiert huet, wat mir am beschten gefall huet war den kulturellen Austausch während dem Camp, wat sou banal Aktivitéiten wéi Kachen oder Hiken schonn vill méi interessant gema huet. Ech hunn nach ëmmer all Dag Kontakt mat mengen Frënn déi ech do, aus ganz Europa, kennegeléiert hunn, an freeën mech se zeréck ze gesinn an sinn awer och ëmmer frou meng Usiichten mat hinnen ze deelen an déi och mat Aspekter aus aneren Kulturen kombinéieren ze kënnen. Schlussendlech huet Europa als Kontinent eng eemoleg laang Geschicht, aus der onheemlech vill Sproochen an Kulturen resultéieren, an sou international Evenementer hëllefen och ëmmer d'Solidaritéit an Europa an d'Verständnis vir aner Kulturen ze stäerken, wat an dësen Zäiten onheemlech wichteg ass.

Pitt

Hei nach epuer Andréck vun eisen Gäscht aus dem Ausland:

" My time in Luxembourg was AMAZING!! I really enjoyed the wide range of activities, learning new things, gaining new experiences and learning about different ways of life and most of all making new friends! I had a fantastic time and loved every minute of it and I would love to go back in the years ahead!!! "

- Carol-Ann Timmons (Scotland)

" My friends and I are used to the israeli way of scouting in our country. When we got to Luxembourg, we immediately saw the difference: there were a lot of age groups present, lots of flags with lots of colours and the languages were different. Even the trees that we build our structures with and the structures are different. (In Israel we build characters from movies and TV shows). Also the activities that we do during our camps in Israel are really different. I can say that we had a lot of fun and we enjoyed our time in Luxembourg. We met a lot of friends and now we know more about scouting in the world. "

- Tal Rozenboim (Israel)




# RAPPORT Together 2014

















# RAPPORT Together 2014





















# RAPPORT Together 2014




















# RAPPORT Powwow 2014























All d 'Fotoen goufen vum Tobi, Sophie an mir geholl

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News




**JO, mir feieren nach ëmmer**
**100Joër Lions Bleus !**
eist letzt awer best Aktivitéit,
steet nach um Programm:

**29/11/2014** OOFSCHLOSSFEST am Exit'07
weider Détailer kriss du an der nächster Wandrous matgedeelt :)

Oder hal dëch um laafenden:
www.lionsbleus.lu
oder op facebook ënnert eisem Grupp

## LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:

18/10/2014, 15/11/2014, 13/12/2014



**EMYS ´ënnert der Hauf'**

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Nouv.Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

| | |
|---|---|
| 05/10/2014 | LX FormatiounsSortie |
| 15/10/2014 | 100xMERCI Centenaire |
| 25-26/10/2014 | LeadershipformationWeekend |
| 25-27/10/2014 | SG/EX FormationsCamp |
| 25-28/10/2014 | BV FormationsCamp |
| 25-28/10/2014 | LX FormationsCamp |
| 15-16/11/2014 | Tronc Commun |
| 18/11/2014 | Soirée Chefs de Groupes |
| 17/12/2014 | Prost'it |
| 11/01/2015 | EX Sportsdag |
| 17-18/01/2015 | SG WanterHike |
| 23/01/2014 | RO Quiz bei den EQ |

# et schéngt

et schéngt

1) wèi wann no laanger Paus een neit Scoutsjoër ungefaangen huet.
2) wèi wann een gudd muss oppassen op den öffentlechen Staater Toiletten.
3) wèi wann d'Explorer gudd équipèiert an préparèiert op den Together gaangen wieren.
4) wèi wann en an den Casematten an der Staat sèier kèint vergiess ginn.
5) wèi wann een Kaweeschelchen sëch nom Camp op eng nei Jacket gefreet hätt.
6) wèi wann studèiernd Lèiwen rëm ausgreflunn sinn.
7) wèi wann een weideren bloen Lèiw eis verlèisst an wäit ausflitt.
8) wèi wann d'LBB dëst Joër bei den Oofzeechnungen um Pow-Wow nees gudd oofgeraumt hätten.
9) wèi wann den Together fir jiddereen op kleng oder grouss e groussen Erfolleg wor.
10)dat d'Lèiwefest , alias ‚bayrëschen owend' dëst Joër e vollen Erfolleg wor, trotz dem Wieder.
11)wèi wann den Lions Bleus hieren Anniversaire100-Programm elo gläich en Enn fënnt.
12)dat anscheinend dësen Summer 2015 nees eisen groussen Gruppencamp unsteet.
13)wèi wann eis GruppenSchildkröt an de Carlo sëch dësen Summer d'Jo-Wuert ginn hun.
14)dat nächst Scoutssaison neien an virun allem jonken Wand an CheffenEkipp kënnt.
15)Wèi wann e jonke Chef um Cheffeweekend eng Ëmwandlung gema huet vum Draach zum Kuerb.
16)wèi wann eisen Gruppenchef sèng Frëndinn nët op eis Säit, bei LBB konnt zèien ☺
17)wèi wann Lions Bleus dëst Joër hiert Joër mat engem grousse Rittertournoi um Cents gestart hun.
18)wèi wann Lions Bleus dëst Joër nët genuch konnten krèien vum Quartier um Cents (FNEL).
19)wèi wann mir alleguerten ganz brav Daumen gedrèckt haaten fir eis NoExamensKandidaten.
20)dat den dësjähregen Cheffeweekend mat vill jonkem Nowuëss en vollen Erfolleg wor.

# et schéngt net nëmmen

et schéngt net nëmmen

1) wèi wann do endlech nees een groussen Camp op eis gèif waarden ☺
2) wèi wann een Wëllefchen onfraiwelleg besser kennengelèiert huet an matgebotzt ginn wier.
3) wèi wann sie sëch ët einfach gamaach hun an direkt e ganze fiirgebaute Tuerm matgeholl haaten.
4) dat een besser kucken muss op nach een dobannen ass befier een zouspärt.
5) wèi wann d'Ourenstëpp de richtegen Besëtzer entlarwt hätten, an dobai richteg Pfund haat.
6) wèi wann së sëch zeguer bis an Asien verzunn hätten.
7) wèi wann hien fir 6 Mèint an Indien geet.
8) wèi wann mir elo ënner aanerem dèi komplett Série vum Foulard d'or zesummen hätten (1,2,3) ☺
9) dat daat sëcherlech un den Lèit, Stëmmung an un deem SuperMegaGenialen Wieder geleen hätt.
10) wèi wann zeguer Scoutkollegen aus aaneren Gruppen den Wee hun fonnt fir mat eis ze feieren.
11) dat na een ganz gr.RV usteet wou su richteg gefeiert & oofgeschloss gët EXIT'07 den 29/11/14 ☺
12) wèi wann Préparatiounen schon op Hèischtouren gèifen laafen fir e SuperCamp ze erliewen.
13) dat den Carlo sëcherlech och doheem nët immens vill op dèi Aussoh „Carlo hei hin" gèif ginn ☺
14) wèi wann eis Explorer hèisch motivèiert wieren de Wee vun enger Cheffenformatioun unzegoën.
15) dat hien um Owesprogramm am Café Kuerb alles ginn huet mat sèngem Kräschtzen fir een Patt.
16) dat hat dennoch den Wee an Scouten, als Scoutschef bei den Dachsen huet fonnt, welcome...
17) dat ët jidderengem gudd gefall huet, dennoch nach e puer vun hinnen am Summerschloof woren.
18) dat sie Assemblée générale, Gruppenversammlung & Réunion des chefs do organisèiert haaten.
19) dat eis zwee PremièreKandidaten alles gepackt hun an keen weideren Ëmwee musse maan ☺
20) wèi wann mer zeguer den ganzen Jorèsprogramm opsetzen konnten deen lo online kënnt.

# 3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

## oktober'14

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| **Sa** | 4 | **GruppenMontée** |
| So | 5 | **GruppenMontée** |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | Permanence |
| Do | 9 | Comité |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer |
| So | 12 | |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | Permanence |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | **Viiz-Weekend SG/EX/RO**<br>**LX Sortie** |
| So | 19 | **Viiz-Weekend SG/EX/RO**<br>**Viiz.Stuff JIDDEREEN** |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | Permanence |
| Do | 23 | |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | Explorer |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | LX Cheffensoirée FNEL |

## november'14

| | | |
|---|---|---|
| **Sa** | 1 | |
| So | 2 | |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | Permanence |
| Do | 6 | Comité |
| Fr | 7 | |
| **Sa** | 8 | Beaver/Wëllef/Patrull<br>**EX Sortie** |
| So | 9 | |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | Permanence |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| **Sa** | 15 | Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer |
| So | 16 | |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | |
| Më | 19 | Permanence |
| Do | 20 | |
| Fr | 21 | |
| **Sa** | 22 | Wëllef/Explorer<br>**BV & SG Sortie** |
| So | 23 | |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | Permanence |
| Do | 27 | |
| Fr | 28 | |
| **Sa** | 29 | Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer<br>**LBB Oofschloss 100** |
| So | 30 | |

## dezember'14

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | Permanence |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | **Kleeschen** |
| **Sa** | 6 | **RO-Weekend** |
| So | 7 | **RO-Weekend** |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | Permanence<br>**Elterenversamlung Techuana** |
| Do | 11 | Comité |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | Beaver/Wëllef/Patrull/Unité |
| So | 14 | |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | Permanence<br>Prost-it FNEL |
| Do | 18 | |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | **BV/LX/SG/EX Camp** |
| So | 21 | **BV/LX/SG/EX Camp** |
| Me | 22 | **BV/LX/SG/EX Camp** |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | |
| So | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |
| Më | 31 | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu




* THAT'S ALL FOLKS